N°1479
Entrée le 06.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit Yuriko Backes a vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 1479 vum 6. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig**

De Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA) ass zënter November 2023 ënnert anerem zoustänneg fir d'Koordinatioun vun der Politik fir d'Gläichstellung vun den LGBTIQ+-Mënschen. Dëse Beräich gouf virdru vum Familljeministère koordinéiert.

D'Lëtzebuerger Constitutioun gesäit am Artikel 15 de Prinzip vir, dass kee Mënsch dierf wéinst senger Situatioun oder perséinlechen Ëmstänn diskriminéiert ginn. De Lëtzebuerger Staat engagéiert sech zënter laanger Zäit fir d'Grondrechter vun alle Mënschen zu Lëtzebuerg.

Studie weisen awer, dass déi fundamental Mënscherechter vun LGBTIQ+ Persounen an der Welt an och zu Lëtzebuerg net vollstänneg respektéiert ginn. Dofir setzt d'Regierung sech aktiv géint Diskriminatiounen, Haassrieden an Haassverbriechen an. Heizou gehéiert eng Politik déi sech an all Liewensberäich fir de Respekt vun de Grondrechter engagéiert. Dës Politik fënnt een am Regierungsaccord an och a nationalen Aktiounspläng, wéi z. Bsp. dem nationalen Aktiounsplang fir d'Rechter vun den LGBTIQ+ Mënschen.

Wéi an anere Beräicher och, schafft d'Regierung mat Partner zesumme fir dës Politik ëmzesetzen. Am Beräich LGBTIQ+ konventionéiert de Staat Associatioune fir verschidde Servicer unzebidden, wéi z. Bsp. Berodungen, Formatioune fir Professioneller oder Aktivitéite fir op d'Wichtegkeet vun enger inklusiver Gesellschaft opmierksam ze maachen, an där d'Diversitéit vun alle Mënsche respektéiert gëtt a jiddereen seng Plaz fënnt.

1) Am Kader vum Gesetz vum 8. September 1998 iwwert d'Relatiounen tëscht dem Staat an den Organismen, déi am soziale, familiären an therapeutesche Beräich schaffen, hat de Familljeministère an de Joren 2018 bis 2023 eng Konventioun mat dem Centre LGBTIQ+ CIGALE, an am Joer 2023 eng zousätzlech Konventioun mam Rainbow Center vun der Associatioun Rosa Lëtzebuerg ënnerschriwwen. D'Montanten an dëse Konventiounen, wéi och bei anere konventionéierten Acteuren déi ënnert dëst Gesetz falen, bezéien sech ob Personalkäschten, Loyer oder frais de fonctionnement.

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Centre LGBTIQ+ CIGALE | 270.273,58€ | 302.560,92€ | 360.565,27€ | 299.537,27 | 402.938,96€ | 443.722,39€ |
| Rainbow Center | – | – | – | – | – | 293.400,58€ |

Insgesamt goufen an der Period tëscht 2018 an 2023 d'Zomm vun 2.372.998,97€ u béid Associatiounen am Kader vun hire Konventiounen ausbezuelt.

D'Konventioun mam Centre LGBTIQ+ CIGALE ass tëscht 2018 an 2022 iwwert de Budgetsartikel 12.1.33.000 gelaf. 2023 si béid Konventiounen iwwert de Budgetsartikel 12.1.33.040 gelaf.

An der Period tëschent 2018 an 2023 hat de Familljeministère och punktuell Projete vun Associatiounen ënnerstëtzt:

- Déi vun ITGL (Intersex & Transgender Luxembourg a.s.b.l.) organiséiert Wochen iwwert Intersexuatioun an Transgeschlechtlechkeet:

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| Semaine intersexuation | 15.137,35€ | 6.722,32€ | 5.792,43€ | |
| Semaine transidentité | – | – | 8.057,40€ | 7.700,75€ |

Insgesamt hu sech dës Käschten op 43.410,25€ belaf.

- D'Associatioun Rosa Lëtzebuerg krut punktuell finanziell Ënnerstëtzung fir Aktivitéiten, déi am Kader vun der Luxembourg Pride organiséiert gi sinn.

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|
| Montant | – | 4.997,36€ | 13.440,71€ | – |

Insgesamt hunn sech dës Käschten iwwert d'Joren op 18.438,07€ belaf.

Béid Montante waren ob de Budgetsartikel 12.1.12.322 imputéiert.

2) De Kulturministère bekennt sech zum Prinzip vun der kënschtlerescher Fräiheet a mëscht sech net an d'Programmatioun vun de kulturellen Instituter an. LGBTIQ+ Themen si staark mat fundamentale gesellschaftleche Wäerter wéi Toleranz, Respekt an Oppenheet verbonnen, déi a ganz villen Expositiounen a kulturelle Programmatiounen op eng kënschtleresch oppe Manéier reflektéiert ginn. Aus dësem Grond, a well se en integrale Bestanddeel vun der Kultur an der Kënschtlerfräiheet duerstellen, kënnen LGBTIQ+ Themen net als isoléiert oder separat behandelt ginn. Duerch d'Ausenanersetzung mat dëse Wäerter dréit d'Kulturzeen zur Schafung vun enger oppener, inklusiver an demokratescher Gesellschaft bäi, an där d'Diversitéit gewürdegt gëtt.

3) Eng Associatioun, déi vum Staat finanziell ënnerstëtzt gëtt, fir sech fir d'Grondrechter vun alle Mënschen zu Lëtzebuerg ze engagéieren, däerf sech ëffentlech fir eng Petitioun ausschwätzen, déi sech fir dës Grondrechter asetzt.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2024

Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s). Yuriko Backes